



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

De 6. Februar huet dat däitsch Magasinn "Der Spiegel" geschriwwen, datt d'EU-Parlament am Kader vun der Füreerschäinsreform d'Fuerderung erhieft, datt een d'Fuererlabnis mat dem Verloscht an engem eenzele Memberstaat zukünfteg automatesch um ganzen Terrain vun der Unioun soll entzu kréien, souguer am Staat, deen se ausgestallt huet. Dat kann zum Beispill de Fall sinn, wann een de Summer iergendwou an d'Vakanz fiert, an an den allermeeschte Fäll warscheinlech onbewosst, géint de Code de Route vum Gaascht- oder Transitland verstéisst. Och bis ewell scho kënnen déi Länner en territoriale Fuerverbuet ausschwätzen.

Falls de Lëtzebuenger Staat en nationale Füreerschäin anzitt, kann de betraffene Bierger bis ewell ausserdeem eng Ausnam fir den Trajet professionnel ufroen. Bierger, déi hir national Verkéiersreglementer als ze vill restriktiv empfangen, kënnen ausserdeem an der Reegel iwwert de Wee vun der demokratescher Participatioun Afloss ob déi entspreichend Gesetzer huelen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister hir Positioun zu dësem Virstouss, deen eng uerg Verletzung vum Territorialitéitsprinzip an der nationaler Souveränitéit géif duerstellen, elaboréieren?
- 2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob an de Verhandlungen déi am Kader vun der Füreerschäinsreform bis ewell zu Bréissel zu deem uewen elaboréierten Thema gefouert goufen, och Ausname fir de Beruffswee diskutéiert goufen? Wéi eng Conclusioun goufe bis ewell zeréckbehalen?
- 3) Kann d'Madamm Minister garantéieren, datt si kenger entspreichender Reform vum EU-Füreerschäi wäert zoustëmmen, ier EU-wäit en identesche Code de la Route géif ugeholl ginn, fir ze verhënneren, datt Leit duerch en onbewosst Feelverhalten an der Vakanz, duerno riskéiere mam Füreerschäin och hir sozial Existenz ze verléieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen  
Deputéierten